

Waaaat? Nach eng Kéier? : D'Naturschoul op Youtube

Gitt op Youtube eise véierte Film kucken : De Laurent an de Roby beim Weier

Hei de Link:

<https://www.youtube.com/watch?v=Mp7ovEqlOxU>

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

1. Wéi heeschen d'Larve vun de Fräschen op Lëtzebuergesch?
 - Fräschebébéën
 - Kauzekäpp
 - Laurent a Roby
2. Wat ass "Fräscheläich"?
 - Dat sinn doudeg Fräschen.
 - Dat sinn d'Eeër vun de Fräschen.
 - Dat ass d'Fudder vun de Fräschen.
3. Firwat huet de Fräsch kee Schwanz méi?
 - E gëtt ëmmer méi kleng, bis e fort ass, wann de Fräsch grouss ass.
 - E fällt of, wann de Fräsch grouss ass.
 - E gëtt vum Fräsch senger Mamm ofgebass.
4. Wat gesäis de, wann s de vun uewen erof op ee Rückenschwimmer am Waasser kucks?
 - säi Réck
 - säi Bauch
 - seng Schwammbox
5. De fäerdege Gelbrandkäfer kann net méi wuessen. Wéi grouss kann e ginn?
 - wéi eng 2-Cent-Mënz
 - wéi eng 2-Euro-Mënz
 - wéi ee 5-Euro-Schäin
6. Wou kënnen eis Weier-Schleeken de Sauerstoff hierhuelen?
 - aus der Loft
 - aus dem Waasser
 - aus dem Waasser an der Loft

